adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

# de pefferkär

## Spezialeditioun 25 Joer ADR

Member vun der / affilié à AECR Alliance of European Conservatives and Reformists

November 2012

## 1987 - 25 Joer ADR - E Grond fir ze feieren - 2012



**Viru ronn engem Véirelsjoerhonnert ass d'ADR – deemools ënnert dem Numm Aktiounskomitee 5/6 Pensioun fir jiddfereen - gegrënnt ginn.**

Gefeiert gouf dëse Jubiläum den 8. November am Kinneksbond zu Mamer, an dat mat net manner wéi 300 Gäscht. D'ADR hat d'Éier de Grand-Duc Henri op dëser akademesch Feier ze begréissen. Nieft Membere vun der ADR waren och vill Éieregäscht, ënnert aneren de President vun der Chamber, de President vum Staatsrot, Vertrieder vun anere Parteien a vill Ambassadeuren, present. D'Allianz vun den Europäesche Konservativen a Reformisten (AECR) war duerch zwanzeg Vertrieder aus den ënnerschiddlechste Länner representéiert.

D'Riedner hunn net nëmmen op déi mouvementéiert Geschicht vun der ADR zeréckgekuckt, mä och en Ausbléck an d'Zukunft gewot. Och d'Positioun vun der ADR am europäesche Kontext an hir exzellent Relatiounen zu den europäesche Schwësterparteie goufen ugeschwat.

Jiddfereen huet eng Festbroschür, déi speziell fir dëst Evenement publizéiert gouf, geschenkt kritt. Dës Broschür ka gratis beim Sekretariat vun der ADR bestallt ginn (Tel.: 46 37 42).

*C'est en présence de Son Altesse Royale le Grand-Duc Henri et d'autres invités d'honneur que l'ADR a récemment fêté ses 25 ans d'existence. Près de 300 invités se sont réunis au Centre Culturel Kinneksbond, à Mamer, afin de marquer cet événement.*

weider op Säit 2 an 3

## D'ADR informéiert...

D'ADR - Partei vum Dialog. Fir de Bierger eis Iddien virzestellen a mat hinnen iwwer hir Problemer ze schwätzen, organiséiert d'ADR 4 grouss Informatiounsowender am Land zu denen all Leit invitéiert sinn. Mir diskutéieren z.B. iwwer d'Staatsfinanzen, d'Rentereform, Wunnengsbau, d'Verkéierspolitik, d'Schoulpolitik a.s.w.

Ufank all Kéiers um 20:00 Auer

| 26.11.2012 | 27.11.2012 | 28.11.2012 | 29.11.2012 |
|---|---|---|---|
| Bieles-Metzerlach<br>Boulodrome national<br>180, Chemin rouge | Lëtzebuerg<br>Schwaarzt Haus<br>C. sociétaire de Cents<br>167, rue de Trèves | Betzder<br>Restaurant<br>„Relais du Château“<br>4, rue de Wecker | Réiden<br>Centre Culturel AULA<br>1, Allée des Tilleuls |

# 25 Joer ADR - E Grond fir ze feieren a

Um 18.30 Auer ass de Grand-Duc virum Centre Culturel Kinneksbond vum Fernand Kartheiser, Nationalpresident, dem Jean Schoos, Generalsekretär, dem Gast Gibéryen, Fraktiounschef, an dem Gilles Roth, Buergermeeschter vun der Gemeng Mamer, empfaange ginn. Nodeems den Orchestre de Chambre du Luxembourg, deen de musekaleschen Encadrement vun der akademescher Feier assuréiert huet, de Wilhelmus gespillt hat an nodeems de Staatschef eng Rei Éieregäscht begréisst hat, hu sech déi verschidde Riedner op der Bühn succedéiert.

De Fernand Kartheiser huet de ville Gäscht Merci gesot fir hir Präsenz. Nieft dem Grand-Duc hunn och Ambassadeuren, de President vun der Chamber, de Maréchal de la Cour, de President vum Staatsrot, Vertrieder vun der Allianz vun den Europäesche Konservativen a Reformisten (AECR), Vertrieder vun auslännesche Schwësterparteien a vun de lëtzebuergesche Parteien, de President vun der Chambre des salariés, de President vum NGL-SNEP, anvill aner Éieregäscht an natierlech vill Membere vun der ADR un der akademescher Sëtzung deelgeholl.

„Wann haut vill eeler Leit net méi ënner prekäre Konditioune musse liewen, dann ass dat virun allem dëser Partei ze verdanken“, esou den Nationalpresident zu der Geschicht vun der ADR. „Aus där schwéierer Ufankszäit zéie mir awer och Léieren, déi haut nach dës Partei prägen: eisen ongebrachenen, sozialen Engagement, eis Léift zur Gerechtegkeet an eise Jo zum Solidaritéitsgedanken.“

> **„ D‘ADR huet villes beweegt, beweegt villes a wëll nach méi an Zukunft beweegen“**
>
> **Dr. Jean Schoos Generalsekretär**

De Fernand Kartheiser huet och d‘Akzenter, déi d‘ADR wëll iwwert d‘Dagespolitik eraus fir d‘Gesellschaft setzen, opgezielt. D‘Partei setzt sech deemno an fir eng Stäerkung vun den demokrateschen Institutiounen an och ganz allgemeng vun der Demokratie, fir de Rechtsstaat, fir de fräien Handel, fir d‘Integratioun vun den auslännesche Matbierger a fir en Europa vun den Natiounen. D‘ADR trëtt och an fir de Schutz vum Liewen, fir de Wonsch no méi Bildung, Wëssen a Leeschtung an de Schoulen, fir d‘Lëtzebuerger Kultur an d‘Lëtzebuerger Sprooch.

„D‘ADR haut ass eng Partei, déi houfreg op hir Vergaangenheet ass, selbstbewosst déi aktuell Politik mat beaflosst a mat Zouversiicht an d‘Zukunft kuckt“, huet de President zum Schluss vu senger Interventioun betount.

De Roby Mehlen, deen iwwert 20 Joer laang un der Spëtzt vun der ADR war, hat déi schwiereg Aufgab, d‘Geschicht vun der Partei an e puer Minutten ze resuméieren. Hien huet sech aus deem Grond op d‘Ufankszäit an op de Renteproblem, esou wéi en an den 80er Joren an der Diskussioun war, konzentréiert.

„De Renteproblem ass wäitgehend entschäerft, och wann sech haut nei Erausfuerderunge stellen“, esou d‘Conclusioun vum Éierepresident, fir deen et wichteg ass „Kloertext ze schwätzen an net ze fäerten, gliddeg Eisen unzepaken“.





De Jan Zahradil ass net nemmen tschecheschen Europadeputéierten, mä och President vun der Allianz vun den Europäesche Konservativen a Reformisten. Hien ass op e puer wichteg Aspekter, déi Lëtzebuerg an déi tschechesch Republik matenee verbannen, agaangen an huet déi gutt Zesummenaarbecht tëscht der ADR an de Schwësterparteie gelueft.

Zu de Schwësterparteie vun der ADR gehéiert ënnert aneren déi britesch konservativ Partei, déi duerch den Deputéierten Geoffrey Clifton-Brown vertruede war. Och hien ass op d‘Relatiounen tëscht senger Heemecht a Lëtzebuerg agaangen. Duerno huet en e Felicitatiounsbréif, deen de britesche Premierminister David Cameron un d‘ADR adresséiert huet, virgelies (Säit 6).

De Chamberpresident Laurent Mosar huet un d‘Episode vun der Trapebesetzung a vum Hongerstreik vum Dr. Jean Colombera erënnert. Et wär him opgefall, datt d‘ADR eng besonnesch aktiv Oppositiounsaarbecht leescht; eng Aarbecht, déi senger Meenung no wichteg ass an enger parlamentarescher Demokratie.

Als leschte Riedner huet den Dr. Jean Schoos d‘ADR als „Garant fir e soziaalt Gewëssen zu Lëtzebuerg“ bezeechent. D‘Partei „huet villes beweegt,



## Vum Aktiounskomitee zur Partei

D‘ADR huet am Kader vun hirer 25-Joer-Feier eng Broschür erausginn, an där ënnert anerem op d‘Geschicht vun der Partei zréckgekuckt gëtt. Dës Broschür kënnt Dir gratis bei der ADR bestellen (Tel. 46 37 42) oder op www.adr.lu eroflueden. Op eiser Internetsäit fannt Dir och méi Fotoe vun der Feier.





*„Déi kontradiktoresch Diskussiounen, déi d‘ADR duerch hir politesch Schwéierpunkten ugestouss huet, hunn och ouni Zweifel zu der pluralestescher Meinungsbildung hei am Land bäigedroen“*

Laurent Mosar, Chamberpresident

*„ Haut feiert d‘ADR 25 Joer. Ech wënschen hier duerfir nëmmen das Bescht, dat Bescht vun heiheem an dat Bescht vun dobaussen, dat Bescht vun der konstruktiver Demokratie, dat Bescht vun der ganzheetlecher Gerechtegkeet“*

Jean-Claude Juncker, Premierminister

*„Esou datt een haut ka soen: Jo, d‘ADR war en Zoufallsprodukt, awer och eng Noutwennegkeet, duerch déi villes beweegt ginn ass. Dofir ass se haut fest an der politescher Landschaft verankert an net méi ewechzedenken“*

Gast Gibéryen, Fraktiounspresident

*„D‘ADR ass eng Partei, déi hirem sozialen Engagement trei bleift, fir de liberalen, fräiheetleche Rechtsstaat an eng Stäerkung vun eisen demokrateschen Institutiounen antrëtt an a gesellschaftspolitesche Froe wäertorientéiert denkt.“*

Fernand Kartheiser Parteipresident

*„Déi politesch Problemer hu sech net vill geännert, si hu sech just inhaltlech der zäit ugepasst.“*

Joëlle Giannotte President vun der ADRenalin, déi jonk ADR

# sech ze freeën



beweegt villes a wëll nach méi an Zukunft beweegen", esou seng Conclusioun.
Nom akademeschen Deel vun der 25-Joer-Feier sinn d'Gäscht op en Dinnercocktail ageluede ginn.

*Le Grand-Duc Henri a été accueilli à 18h30 par Fernand Kartheiser, président de l'ADR, Dr. Jean Schoos, secrétaire général, Gast Gibéryen, chef de fraction, et Gilles Roth, maire de la commune de Mamer.*

*Fernand Kartheiser a rappelé les priorités et les valeurs chères au parti. Roby Mehlen, qui a été à la tête de l'ADR pendant plus de 20 ans, est revenu sur les moments forts du début et évidemment sur l'injustice qui régnait dans le domaine des retraites.*
*Deux invités venus de l'étranger ont également pris la parole : Jan Zahradil, eurodéputé tchèque et président de l'Alliance des conservateurs et réformistes européens, et Geoffrey Clifton-Brown, député britannique et représentant du Parti conservateur (Royaume-Uni). Ce dernier a lu un message de félicitations rédigé par le Premier ministre David Cameron (page 6).*

*Le président de la Chambre des députés, Laurent Mosar, a loué le travail d'opposition particulièrement actif de l'ADR. Le Dr. Jean Schoos a qualifié l'ADR de „garant d'une conscience sociale au Luxembourg". La soirée a été clôturée par un cocktail dînatoire.*



## Méi Demokratie: Fir datt jidderengem seng Meenung gelauschtert gëtt!

**Wéi kann eis Demokratie méi lieweg gestallt ginn? D'ADR huet am Sënn vun enger pluralistescher a partizipativer Gesellschaft eng Rei Propositiounen ausgeschafft, duerch déi d'Bierger kéinte méi staark an déi wichteg Decisiounen agebonne ginn.**

D'ADR setzt sech am Allgemenge fir e méi heefege Recours op de Referendum an. Dëst gëllt virun allem fir all Ännerung vun den EU-Traitéen a fir all zousätzlech EU-Erweiderung. Um nationalen Niveau schwätzt sech d'ADR ganz kloer fir e Referendum am Kader vun der geplangtener Verfassungsreform aus. D'Ännerungen, déi solle virgeholl ginn, sinn esou grondleeënd, datt eng Volleksofstëmmung den eenzege Wee kann am däerf sinn. Zu deenen eenzelne Punkte vun der Verfassungsrevisioun wëll d'ADR demnächst Stellung huelen.

Et ass och néideg, datt de Bierger d'Méiglechkeet kritt fir d'Verfassungsgeriicht direkt ze saiséieren. Domadder kéint op eng méi effizient Manéier iwwerpréift ginn, ob e Gesetz eventuell verfassungswidderег ass oder net.

D'ADR verlaangt och eng proportional Vertriedung vun de Parteien am Staatsrot. Et kann net sinn, datt praktesch all d'Membere vun dësem Organ enger vun de gréissere Parteien ugehéieren. Oder ass et esou selbstverständlech, datt sech CSV, LSAP an DP d'Poste verdeelen a sech doduercher en Deel vun der Bevëlkerung net an den Avise vum Staatsrot erëmerkennt?




De Walsystem muss esou iwwerschafft ginn, datt d'Stëmm vun engem Wieler aus dem Norden oder aus dem Osten grad esou vill Gewiicht kritt ewéi déi vun engem Wieler aus dem Zentrum oder aus dem Süden. D'Zuele schwätze fir sech: am Osten däerfen ëm déi 30 000 Wieler 7 Deputéiert wielen, am Zentrum ginn et 21 Deputéiert fir ëm déi 63 000 Wieler!
Ausserdeem fuerdert d'ADR méi Rechter fir d'Oppositioun an der Chamber. D'Parteien, déi net an der Regierung sëtzen, sollen ënnert anerem méi Riedezäit kréien. Nëmmen esou sinn all d'Standpunkten, déi an der Bevëlkerung ze fanne sinn, och an der Chamber vertrueden!

*Afin de renforcer la démocratie au Luxembourg, l'ADR a formulé une série de propositions. Il faut organiser plus de référendums, notamment en ce qui concerne les modifications apportées aux traités européens ou tout élargissement de l'UE. Les citoyens doivent avoir la possibilité de saisir par voie directe la Cour constitutionnelle.*

*L'ADR exige une représentation proportionnelle des partis au Conseil d'Etat. Le système électoral doit être reformé de sorte à ce que le vote d'un électeur des circonscriptions Nord ou Est ait le même poids que celle d'un électeur du Sud ou du Centre.*

*Par ailleurs l'ADR exige plus de droits pour les partis d'opposition, notamment en ce qui concerne le temps de parole lors des débats à la Chambre des députés.*

## Journée parlementaire 2012



De 6. Oktober huet d'ADR hir Journée parlementaire am Home St. Gengoul, zu Märel, ofgehalen. Ageluede waren net nëmmen den d'Fraktioun, mä och Vertrieder aus de Bezierker an aus de verschiddene Sektiounen (Fraesektioun, ADRenalin). D'Conclusioune sinn e Méindeg, den 8. Oktober, der Press virgestallt ginn. Um Menu vun dëser Journée parlementaire stoung haaptsächlech de Staatsbudget fir d'Joer 2013 (Säit 4 a 5).

# Keen Tram duerch d'Stad!



**Trotz eidele Staatskeesen a villen ongeléiste Froen ëm d'Zukunft vum Land gëtt e groussen Deel vun de Politiker hir Spillsaach net op: si wëlle mordicus mam Tram duerch d'Stad fueren. Dëst och an Zäiten, wou et nëmmen esou Steiererhéijunge reent a Milliarde musse geléint gi fir de Staatsbudget an der Riicht ze halen. Schonns elo soll de Präis fir e Billjee vun 1,5 op 2 Euro an d'Luucht goen, eng Hausse vu 50%! Fir d'ADR steet fest: keen Tram duerch d'Stad! Dofir gëtt et vill gutt Grënn.**

Wäit iwwert 100 000 Leit kommen all Dag vun auswäerts an d'Stad schaffen, och vun déisäit de Grenzen. Fir vill vun dëse Pendler opzefänke kann et net sinn, datt déi wéineg Stroossen an der Stad zum gréissten Deel fir een eenzegt Verkéiersmëttel reservéiert ginn, dat onflexibel ass, a senge Kapazitéite begrenzt ass an dobäi och nach ganz deier kascht!

Den Tram léist d'Problemer vun de Pendler net, déi amplaz an e Bus ze klammen an Zukunft an en Tram sollen ëmklammen. Mam Tram gëtt d'Ëmklammen zum neie Vollekssport! En hëlt anere Verkéiersmëttelen, besonnesch dem Bus, déi wéineg Plaz ewech, déi et an der Stad gëtt. Wéinst dem Tram solle 50% vun de Busverbindungen an der Stad gestrach ginn! De Chantier féiert iwwert Joren zum Chaos. Den Tram stellt zousätzlech Geforen duer, besonnesch fir Foussgänger a Cyclisten.

Soll e groussen Deel vun de Pendler op den ëffentleche Verkéier zréckgräifen, da gëtt et nëmmen ENG rationell Léisung: de City-Tunnel. Do kënnen déi normal Zich - ob vun Arel, Diddenuewen, Tréier oder soss enger Gare vum CFL-Reseau - duerch en Tunnel ënnert der Stad circuléieren. Ënnerierdesch Garen am Stadzentrum, um Lampertsbierg an um Kierchbierg bréngen d'Passagéier direkt, vill méi séier an ouni ëmzeklammen op déi Plazen, wou se schaffen, akafen oder sech ameséiere wëllen.

Soulaang wéi den Tram oder de City-Tunnel mussen iwwert grouss Verschëldung oder Steiererhéijung finanzéiert ginn, setzt d'ADR op d'Alternativ vu groussen Hybridbussen, wéi se elo zu Dresden virgestallt gi sinn: déi ginn den ablécklechen ëffentleche Verkéier um Tracé vum Tram ouni Problem Meeschter. Dobäi bleiwen all Optiounen op. Fir d'ADR steet fest: den Tram ze bauen, dat wär déi gréisste Feelinvestitioun a Feelplanificatioun, déi d'Land sech jee geleescht hätt!

*L'ADR s'oppose au concept d'un tramway en tant que moyen de transport pour la ville de Luxembourg. Non seulement ses capacités sont limitées, comme en plus le coût est beaucoup trop élevé. L'ADR est en revanche favorable à un City-Tunnel, c'est-à-dire un train souterrain.*

# D'Regierung fiert mam antisoziale Bagger duerch d'Rentemauer

**Den 1. Januar 2013 soll d'Rentereform, a Kraaft trieden. D'ADR, déi hir Kompetenz an dësem Beräich net méi brauch ënner Beweis ze stellen, huet net nëmmen de Gesetzesprojet kritesch ënnersicht, mä schonns 1 Joer virun der Regierung hir eege Propositiounen ausgeschafft, déi net nëmmen eng laangfristeg finanziell Ofsécherung vun der Pensiounskeess garantéieren, mä och méi sozial gerecht sinn!**

Iwwert d'Noutwennegkeet vun enger Rentereform brauch net laang diskutéiert ze ginn. D'Liewenserwaardung hëlt kontinuéierlech zou an ëmmer méi Leit wäerten an Zukunft an d'Pensioun goen. Dat bréngt mat sech, datt déi Aktiv fir ëmmer méi Pensionéiert mussen opkommen. Gëtt den aktuelle System bäibehalen, ass Lëtzebuerg zu engem staarke permanente wirtschaftleche Wuesstem condamnéiert – an dëse Szenario ass weder wënschenswäert nach realistesch. E massivt Uwuesse vun der Populatioun mat Konsequenzen op déi sozial Kohäsioun, op de Verkéier, op d'Ëmwelt, op d'Wunnengspräisser, op d'Infrastrukturen a.s.w. beweisen, datt eist Land esou lues awer sécher u seng Grenze stéisst. Doriwwer eraus ass zënter der Wirtschafts- a Finanzkris gewosst, datt d'Beem souwisou net an den Himmel wuessen.

Mat 12 Milliarde Reservë steet eis Pensiounskees nach gesond do; Reserven, déi mir awer an deenen nächste Jore brauchen an dofir op kee Fall däerfe fir aner Zwecker benotzt ginn a scho guer net fir Lächer am Staatsbudget ze stoppen.

Der Regierung hir Propositioune berouen op engem onrealistesche Wirtschaftswuesstem vun 3 % a si sozial ongerecht. Vum Slogan „déi breet Schëllere musse méi droe wéi déi kleng" keng Spuer!

Esou kritt laut CSV-LSAP-Regierung z.B. den 1. Januar 2013 keen de berechtegten Ajustement. Wann déi jäerlech Recetten déi jäerlech Depensen iwwerschreiden, kritt jiddereen den Ajustement tëschent 50 an 100% gekierzt. Wann d'Cotisatiounen eng Kéier gehéicht ginn, kritt jiddereen déi sougenannten „allocation de fin d'année" gestrach. Jidderee muss laut Regierung, iwwert 40 Joer verdeelt, 3 Joer méi laang schaffe goen oder op 13 % vu senger Pensioun verzichten.

D'ADR ass derfir, datt den Ajustement den 1. Januar 2013 ausbezuelt gëtt, an datt an Zukunft en degressiven Ajustement ageféiert gëtt, duerch deen déi kleng Pensiounen den Ajustement integral kréien. Wat d'Pensioun méi héich ass, wat den Ajustement degressiv méi kleng gëtt. De Pensiounsalter gëtt iwwert 12 Joer ëm 1 Joer gehéicht (vu 57 op 58 a vu 60 op 61 Joer),ouni Pensiounskierzung an och net à la carte. De Pensiounsalter vu 65 Joer bleift bestoen a spezial Regele fir Leit, déi op Schichte schaffen, gi virgesinn.

Dëst sinn nëmmen e puer vun den ADR-Propositiounen, déi net nëmme sozial gerecht sinn, mä och de Pensiounssystem finanziell ofsécheren.

Déi integral ADR-Propositioune mat intressanten Informatioune fannt Dir op :

**www.adr.lu.**

*La réforme du système de pension, tel qu'elle est proposée par le gouvernement, est injuste d'un point de vue social : il n'y aura pas d'ajustement au 1er janvier 2013, l'allocation de fin d'année pourrait être supprimée sous certaines conditions et chacun aura le choix entre travailler jusqu'à trois années supplémentaires ou accepter une réduction de 13% de sa pension.*

*L'ADR propose en revanche un ajustement dégressif des pensions et un allongement du temps de travail d'une seule année. Ces propositions assurent, à long terme, la viabilité du système de pension.*

# Staatsbudget: d'Land gëtt riicht an den Defizit gedriwwen!

De Staatsbudget fir d'Joer 2013, deen ursprénglech vum Finanz- a Budgetsminister virgestallt gouf, war esou schlecht, datt en huet missen nodréiglech amendéiert ginn. Vun „nogebessert" kann net Rieds goen: d'Mesurë belaaschten haaptsächlech d'Familljen an den Defizit soll nach ëmmer bei 2,3% leien.

D'ADR muss op en Neits feststellen, datt d'Regierung et net fäerdegbréngt, den Defizit an de Grëff ze kréien. Am Staatsbudget feelen net manner wéi eng Milliard Euro, an dat ass bei wäitem keng Banalitéit, och well déi budgetär Souveränitéit vun eisem Land um Spill steet.

Amplaz reell Efforten um Niveau vun den Depensen ze maachen huet d'Regierung decidéiert verschidde Steieren z'erhéijen an domadder besonnesch de Familljen an d'Täsch ze gräifen.

D'ADR verlaangt, datt endlech gespuert gëtt - an zwar op de richtege Plazen – an huet deementspriechend och e Pak vun zéng Propositiounen ausgeschafft:

weider op Säit 5

## ADR am Gespréich mat...



der NGL /SNEP
den 12. November 2012



der Chambre de Commerce
den 29.Oktober 2012



der ABBL/ALFI
den 9. Oktober 2012

Schluss vu Säit 4

- All Minister muss an déi zouständeg Chambercommissioun kommen an erklären, wou nach a sengem Departement Spillraum ass fir ze spueren.

- Lëtzebuerg brauch eng efficace Kontroll vun de Staatsfinanzen. D'Cour des comptes muss iwwert d'Opportunitéit vu Projeten hiren Avis kënnen ofginn, och wat d'Gemengen ugeet.

- Wat d'Rentereform ugeet, bréngen d'ADR-Propositioune méi, wat déi laangfristeg finanziell Ofsécherung ubelaangt, a si sinn doriwwer eraus méi sozial gerecht.

- D'Familljenzoulage mussen an enger eenzeger Allocatioun zesummegeluecht an der Steier ënnerworf ginn. Dëst entsprécht enger administrativer Vereinfachung an ass sozial gerecht.

- D'Investitiounspolitik muss iwwerkuckt ginn. Lëtzebuerg brauch keng Prunkbaute méi (z.B. Pei-Musée), mä muss sech Prioritéite setzen, déi wichteg fir d'Zukunft sinn. Dofir seet d'ADR Jo zu Schoulen, Spideeler a Kläranlagen, mä Neen zu Tram, Arméisfliger, Velodrom a Fussballstadion.

- D'Contributioun vu Lëtzebuerg un international Institutioune muss nei verhandelt ginn. Am Ament bezilt de Lëtzebuerger Staat bei verschiddenen Institutiounen am Verhältnis zu anere Länner méi héich Contributiounen.



- D'Masse salariale beim Staat a bei de Gemenge muss blockéiert ginn. D'ADR ass der Meenung, datt nëmmen déi normal Augmentatiounen dierfe realiséiert ginn (z.B. Index, Avancementer). E prinzipiellen Astellungsstopp ass néideg. Dofir sollten nëmmen nach Leit agestallt ginn, wou der och noweisbar feelen. Am Géigenzuch mussen awer op anere Plaze Posten agespuert ginn. Ausserdeem däerf et net zu engem Accord salarial an dëser Legislaturperiod kommen; d'ADR géing eng Gehälterrevisioun mat méi niddregen Ufanksgehälter begréissen. D'Mobilitéit an de Wiessel tëschent de Verwaltunge muss vereinfacht ginn an de Staat muss sech, nieft der Réforme an der Simplification administrative, op Käraufgabe limitéieren. D'ADR wëll kee Bewäertungssystem an der Fonction Publique. Dëst géing nëmmen zu enger Politiséierung vum ëffentlechen Déngscht féieren.

- D'Entwécklungshëllef muss op 0,7% vum Bruttonationalakommes zeréckgesat ginn. Wéi et dem Lëtzebuerger Staat finanziell ganz gutt gaangen ass, ass de Prozentsaz fräiwëlleg op 1,0% eropgesat ginn. Haut gesäit d'Situatioun anescht aus an dofir ass et wichteg nees op déi 0,7 % erofzegoen.

- Lëtzebuerg brauch e verantwortlechen a bezuelbaren Ëmweltschutz. Dofir mussen déi iwwerdriwwe Kompensatiounsmoossnamen ofgeschafe ginn.

- D'Relatioun tëscht Staat a Kierche muss iwwerduecht ginn. D'ADR huet kenger Konventioun zougestëmmt a trëtt fir den italienesche System „otto per mille“ an. Doduerch kritt all Bierger d'Recht selwer ze decidéieren, ob a wat fir eng Kierch hie wëll ënnerstëtzen.

Mam Staatsbudget fir d'Joer 2013 gëtt eist Land riicht an den Defizit gedriwwen. An déi, déi d'Rechnung vun dëser onverantwortlecher Politik musse bezuelen, si souwuel d'Familljen, wéi och déi nächst Generatiounen!

*L'ADR a élaboré une série de propositions qui permettraient au Luxembourg d'avoir un budget d'État équilibré. Parmi ces propositions, un meilleur contrôle des finances publiques à travers la Cour des comptes; une réforme du système de pension; l'introduction d'une allocation de prise en charge qui serait soumise à l'impôt et versée aux parents s'occupant de leurs enfants à la maison; une remise en cause de la politique d'investissement actuelle; une renégociation des contributions du Luxembourg aux institutions internationales; un gel de la masse salariale auprès de l'Etat et des communes; une réduction de l'aide au développement (de 1% à 0,7% du RNB); une protection de l'environnement qui reste abordable; une nouvelle approche quant aux relations entre l'Etat et les communautés religieuses.*

*L'ADR a d'ailleurs invité l'ensemble des membres du gouvernement à venir s'expliquer sur les dépenses et les recettes de leurs départements respectifs au sein des commissions parlementaires.*

# D'CSV soll op hiren C verzichten!

**Mat op d'mannst zwou wichtege Gesellschaftsfroe muss sech d'Chamber an dëser Legislaturperiod nach beschäftegen: d'Reform vum Ofdreiwungsgesetz an d'Bestietnis tëscht gläichgeschlechtleche Koppelen. Obwuel jiddfer Deputéierten däerf a soll fräi no sengem Gewëssen ofstëmmen, fäert d'ADR net fir an dëse wichtegen Dossiere Faarf ze bekennen. Zu der Positioun vun der CSV ka si nëmme soen, datt et héich Zäit gëtt fir en endgültege Verzicht op den „C“!**

De Schutz vum Liewe gehéiert zu de Grondprinzipien, fir déi sech d'ADR asetzt. Aus deem Grond wiert si sech géint d'Reform vum Ofdreiwungsgesetz, esou wéi se am Ament an der zouständeger Chamberscommissioun ënnersicht an debattéiert gëtt. Mat Ausnam vun der ADR hu sech all d'Parteie fir eng sougenannte Fristeléisung ausgeschwat. Bis zur zwielefter Schwangerschaftswoch kéint sech also d'Fra engem Avortement ënnerzéien, an zwar praktesch ouni datt et dofir e spezielle Grond, z. B. gesondheetlecher Natur, misst ginn.

D'ADR erënnert dorunner, datt am aktuelle Gesetz all déi Situatiounen opgezielt sinn, an deenen e Schwangerschaftsofbroch souwisou stroffräi ass: Gefor fir d'Gesondheet vun der schwangerer Fra, héije Risiko vun enger schwéierer Krankheet beim Kand, Schwangerschaft als Konsequenz vun enger Vergewaltegung. All déi Ausnamefäll gi souwisou scho berücksichtegt. Firwat soll d'Gesetz also nach méi liberaliséiert ginn? A firwat ass a bleift d'ADR déi eenzeg Partei, där de Schutz vum ongebuerene Liewen net egal ass?

Datt et ëmmer nees zu ongewollte Schwangerschafte kënnt ass gewosst. Si kéinten awer ënnert anerem duerch en Opklärungsunterrecht an de Schoulen an duerch e besseren Accès zu de verschiddenste Verhütungsmëttelen zum Deel vermidde ginn. D'Mammen an d'Pappen, déi sech trotz de Schwieregkeete fir hiert Kand entscheeden, mussen déi Ënnerstëtzung kréien, déi se brauchen.

D'Wuel vum Kand steet am Mëttelpunkt vun der Familljepolitik, fir déi sech d'ADR staark mécht. Aus deem Grond steet si dem Bestietnis tëscht gläichgeschlechtleche Koppele kritesch géigeniwwer. Wann zwou Fraen oder zwee Männer mat enger Koppel, déi aus engem Mann an enger Fra besteet, gläichgestallt ginn, da ginn all d'Diere fir d'Adoptioun grouss opgerappt. Fir d'ADR kann e Kand – an dat gëllt och wann d'Eltere gescheet sinn – nëmmen ee Papp an eng Mamm hunn.

Datt et iwwerhaapt zu dëse Reforme konnt komme läit eenzeg an eleng um onverantwortleche Verhale vun der CSV. No de leschte Chamberwalen huet si dem Drock vun de Sozialisten noginn an domadder hir eege Grondsätz verroden.

Wann d'CSV der Meenung ass, datt d'Famill, als Kärzell vun der Gesellschaft, e verhandelbare Wäert huet, da soll si zu hirer Positioun stoen an am Numm vun der Kohärenz a vun der Éierlechkeet géigeniwwer dem Wieler op hiren „C“ verzichten!

*L'ADR est contre la réforme de la loi sur l'interruption volontaire de grossesse, car la protection de la vie fait partie de ses principes de base. Par ailleurs, elle est critique par rapport au mariage entre personnes du même sexe, car cela ouvrirait les portes à l'adoption par des parents de même sexe.*

## ADR am Gespréich mat...



der FGFC (Gewerkschaft vun de Gemengebeamten)
den 10. Juli




OGBL - Syndicat Aviation Civile
den 28. September 2012




LCGB
den 24. Mee 2012

 AECR - Alliance of European Conservatives and Reformists - www.aecr.eu

# Fir eng aner Europapolitik

Zënter laange Jore gëtt déi lëtzebuergesch Europapolitik haaptsächlech vun der CSV an dem Jean-Claude Juncker bestëmmt. Dat ass eng Europapolitik, déi konsequent d'Iddi vun engem europäesche Federalstaat verfollegt, inklusiv enger politescher Unioun an enger Konzentratioun vu bal alle Pouvoiren an den Hänn vun den europäeschen Institutiounen. Och déi aktuell Scholdekris an déi sëllech Schwieregkeete vun der Euro-Währungsunioun ginn dozou benotzt fir ëmmer méi Pouvoiren a Souveränitéitsrechter op « Bréissel » ze verleeën.

An der ëffentlechter Meenung gëtt dat dann esou presentéiert als géing et zu dem federalen Europa keng glafwierdeg Alternativ ginn. All aner Theorie wär nationalistesch, well géint de Friddensprojet Europa geriicht, economesch net ze verläntweren a géing doriwwer raus verkennen, datt Europa an eiser grousser wäiter Welt ëmmer méi kleng gëtt an dowéinst misst gëeent ginn, fir iwwerhaapt nach e Gewiicht ze hunn.

***En Europa vun de fräien a souveränen Natiounen***

D'ADR an hir europäesch Schwësterparteie vertrieden dogéint eng konsequent aner europapolitesch Approche. Natierlech wëll och d'ADR dat Europa zesummewiisst an e Kontinent vum Fridden, staarken Demokratien, geschützte Mënscherechter an enger dynamescher Economie ass. Mä anescht wéi den Här Juncker a seng CSV wiele mir dozou en aneren Usaz, an zwar dee vum Europa vun de fräien a souveränen Natiounen, déi am Respekt vun hirer Eegestännegkeet zesummeschaffe fir déi gemeinsam Ziler z'erreechen. Amplaz Zentralismus a Federalismus setzt d'ADR op fräi Natioune mat engem fräie Wëllen. Dës Approche gëtt vun ëmmer méi politesche Parteien an Europa gedeelt an d'ADR ass och dovun iwwerzeegt, datt ëmmer méi Leit zu Lëtzebuerg sech bewosst ginn, datt dat zentralistescht Europa net nëmme Virdeeler, mä och vill Gefore mat sech bréngt.

***Souveränitéitsverlagerung ouni Géigepartie***

Scho laang ass kloer ginn, datt Lëtzebuerg an engem federalen Europa näischt méi ze soen huet. All déi Diskussiounen a Kritiken ëm den « Directoire » vun de grousse Länner, déi mir an deene leschte Joeren haten, an déi och lëtzebuergesch Ministeren zu Recht mat geféiert hunn, hu gewisen, datt och dee « communautairen Usaz » kee Schutz méi fir déi kleng Länner bitt. Amplaz nach d' « Gardienne des Traités » ze sinn, an d'Rechter vun de klenge Länner an där grousser Unioun ze schützen, ass déi europäesch Kommissioun progressiv an ëmmer méi selwer zu engem



Conservatives
Rt Hon David Cameron MP
Prime Minister and Leader of the Conservative Party

**Alternative Democratic Reform Party, 25th Anniversary**

It gives me great pleasure to offer you my congratulations on the 25th anniversary of the founding of the Alternative Democratic Reform Party.

The world has changed a great deal since 1987, but throughout this period our two parties have stood firm in their common commitments to prosperity, liberty and justice. Together, our parties have offered a strong centre-right voice for reforming the European Union and we have shown a strong commitment against excessive political integration. During this important anniversary for your party I congratulate you all on your achievements so far and wish you the very best for the future.

Fecilitatioune vum britesche Premierminister David Cameron zum 25-järege Bestoe vun der ADR

Deel vum « Directoire » ginn. Déi Europäesch Kommissioun gesäit sech haut scho bal als europäesch Regierung. Fir hir eege Muecht ofzesécheren, hält si sech gutt mat deene Groussen. « Communautairen Usaz » an « Directoire vun deene Groussen » sinn haut keng Géigesätz méi, mä zwou Säite vun därselwechter, federalistescher Medaille.

Déi sougenannten « méthode communautaire » ass och nëmmen eng Souveränitéitsverlagerung op anerer ouni Géigepartie fir Lëtzebuerg. Ob an der Zënsbesteierungspolitik, an der Agrarpolitik oder an anere Beräicher, et gëtt ëmmer méi offensichtlech, datt d'Kommissioun kaum méi Positioune vertrëtt, déi eisen nationalen Interessen déngen. Eist klengt Gewiicht am Ministerrot an am Europaparlament erlaben eis

weider op Säit 7



**Fernand Kartheiser, David Cameron an den ADR-Generalsekretär Jean Schoos**

# D'ADR am europäesche Kontext

D'ADR steet mat hiren europapolitesch Iwwerzeegungen net eleng! Si ass Member vun der AECR, der europäescher Allianz vun de Konservativen a Reformisten. An hir fanne sech och zum Beispill déi britesch Konservativ an déi tschechesch ODS-Partei - also zwou Parteien, déi am Ablëck an hirem Land de Premierminister stellen.

An der Prager Declaratioun goufen d'Prinzipie vun deene Parteien an der Europapolitik festgeluecht. D'ADR an hir europäesch Schwësterparteie bezeechne sech als « eurorealistesch ». Si sti fir Oppenheet, Zouverlässegkeet an eng staark Demokratie am Respekt vun der Souveränitéit vun de Natiounen.

Déi konservativ Parteie si fir oppe Mäert, fräien Handel an éierlech Konkurrenz, niddreg Steieren, wéineg Bürokratie a fir Regierungen, déi sech mol nees op hir Käraufgaben konzentréieren. Déi perséinlech Fräiheet an individuell Verantwortung sinn an all Staat onverzichtbar. De Staat ass dem Bierger géintiwwer ëmmer Rechenschaft schëlleg. D'Famill ass d'Kärzell vun der Gesellschaft. De souveränen Nationalstaat muss respektéiert ginn, et däerf keen europäesche Federalismus ginn an de Subsidiaritéitsprinzip muss voll respektéiert ginn. D'Sécherheet vun Europa gesäit d'AECR am Kontext vun der NATO, also net lassgeléist vun der Sécherheet vun eisen transatlantesche Partner. D'AECR an d'ADR wëllen eng kontrolléiert Immigratioun an en Enn vum Mëssbrauch vun den Asylprozeduren. Mir wëlle manner europäesch Bürokratie, méi Transparenz an Europa an e besseren Ëmgang mat de Sue vun den europäesche Steierbezueler.

A virun allem wëllen d'AECR an d'ADR Respekt a Gerechtegkeet fir all Memberstaat, ob grouss oder kleng, ob et en neien oder scho méi ale Member ass.

Den éischte Sommet vun den europäesche konservative Parteie wor den 18. Oktober 2012 zu Bréissel. D'ADR wor duerch hire President, de Fernand Kartheiser, an hire Generalsekretär, de Jean Schoos, vertrueden. Et wor eng Geleeënheet fir en intensive Gedankenaustausch mat aneren europäesche Politiker ze féieren.

*L'ADR s'engage en faveur d'une Europe des Nations démocratique et pluraliste, ainsi qu'en faveur d'un Luxembourg fort au sein de l'Europe.*
*Il faut en revenir à une culture de la négociation et du compromis au lieu de décisions prises à majorité qualifiée ou super-qualifiée.*




# Fir eng aner Europapolitik

Schluss vu Säit 6

dacks net méi op eng efficace Manéier legitim, lëtzebuergesch Intressen an Europa ze vertrieden.

Ëmmer méi ginn eis Saachen imposéiert, ëmmer méi gi mir friembestëmmt. U sech sollt Europa eng Eenheet mat Villfalt, an der Diversitéit vu senge Staaten, senge Sproochen an senge Kulture sinn, a Wierklechkeet gëtt et all Dag méi eent vun der Gläichmaacherei.

***Decisiounen laanscht déi national Parlamenter***

An nach méi schlëmm – Europa ass zu enger direkter Gefor fir eis Demokratie ginn. Déi bekannte Schwieregkeeten an der Währungsunioun hunn dozou geféiert, datt d'Nationalstaaten – an zwar och déi, déi keng Hëllef vun anere gefrot hunn - hir Budgetsautoritéit zum Deel ewechgeholl kruten. Eis Chamber – déi gewielte Vertriedung vum Lëtzebuerger Vollek – verléiert lues a lues hir Rechter. Gläichzäiteg ginn ëmmer méi wichteg Decisiounen iwwer de Wee vu communautairë Reglementer geholl – also einfach laanscht déi national Parlamenter. Och déi vill gelueften Opportunitéits- a Subsidiaritéitskontrolle vun der europäescher Legislatioun duerch déi national Parlamenter bleiwen an der Praxis praktesch ouni Wierkung.

***Oppe Grenze fir déi éierlech Bierger***

D'ADR wëll dat alles net. Déi europäesch Eenegung däerf den demokratesche Buedem ni verloossen.

Dat Europa vun de Natiounen, dat mir wëllen, ass eent vum Respekt virun de Staaten an hirer Souveränitéit. Och dee Wee ass méiglech!
Lëtzebuerg brauch Europa aus economesche Grënn fir e fräien Handel an oppe Mäert ze hunn. Europa muss dowéinst oppe Grenzen am wirtschaftleche Beräich garantéieren an eng gemeinsam extern Zollpolitik hunn. Lëtzebuerg brauch eng Währungsunioun. Den Euro-Raum muss a senger Struktur an an der Kompositioun vu senge Memberen op enger Basis berouen, déi him eng laangfristeg a glafwierdeg economesch a finanziell Stabilitéit gëtt. De Juncker-Wee fir Europa zu enger Transfer- an enger Scholdenunioun ze maachen, wëll d'ADR net matgoen.

Europa muss senge Bierger Fräiheete ginn. Dozou gehéieren oppe Grenze fir déi éierlech Bierger – awer och nëmme fir déi! Lëtzebuerg brauch eng Zesummenaarbecht vun den europäeschen Natiounen am Beräich vun der Baussen – a Sécherheetspolitik, an do solle mir also konstruktiv matschaffen.

Fir d'ADR kënnen awer wierklech nëmmen déi Beräicher europäiséiert ginn, déi onbedéngt mussen op engem internationalen Niveau gereegelt ginn. Alles anescht muss am Beräich vun der nationaler Kompetenz bleiwen oder dohin zeréckkommen. D'ADR wëll och, datt déi lëtzebuergesch Sprooch endlech eng méi wichteg Roll an Europa kritt.

D'ADR wëll en demokratescht an e pluralistescht Europa vun den Natiounen an e staarkt Lëtzebuerg an Europa. Dat heescht zréck zu enger Kultur vun der Negociatioun a vum Kompromëss amplaz ëmmer méi « qualifizéiert » oder « super-qualifizéiert » Majoritéitsdecisiounen zu onse Laaschten! Dës Alternativ zu der aktueller Europapolitik ass net nëmme méiglech, mä si ass absolut néideg! Si ass néideg fir eis Demokratie, eis Onofhängegkeet an eis Fräiheet z'erhalen. Si ass néideg, fir datt et och muer nach e Lëtzebuerg mat senger eegener Identitéit a senger eegener Souveränitéit an Europa gëtt.

*L'ADR s'engage en faveur d'une Europe des Nations démocratique et pluraliste, ainsi qu'en faveur d'un Luxembourg fort au sein de l'Europe. Il faut en revenir à une culture de la négociation et du compromis au lieu de décisions prises à majorité qualifiée.*

*Cette alternative est nécessaire afin de conserver notre démocratie, notre indépendance et notre liberté, et afin que le Luxembourg garde son identité et sa souveraineté au sein de l'UE.*

# Et muss méi Wäert op d'Léiere geluecht ginn!

**Wéi d'Madame Educatiounsministesch viru Joren hir Propose fir d'Grondschoul presentéiert huet, hu mer ënnert d'Nues geriwwe kritt, datt et mam neie System keng gutt oder schlecht Schüler méi géife ginn. Haut musse mer feststellen: et bleift zwar kee méi sëtzen an et gi keng Punkte méi verdeelt, mä den Niveau geet konstant d'Baach erof. Domadder ass kengem, a scho guer net de Kanner, déi sech enges Daags an enger ëmmer méi konkurrenzstaarker Welt musse behaapten, e Gefale gedoen!**

De Bilan vun der schwaarzrouder Schoulpolitik ass een eenzegen Desaster: d'Reform vun eise Primärschoulen huet näischt bruecht ausser Etiketteschwindel, vill Duerchernee bei den Bilanen an en dramatesche Verfall vum Niveau. Et ass sécher net well d'Examen, d'Punkten an d'Sëtzebleiwen ofgeschaf gi sinn, datt eis Kanner op eemol méi wëssen oder kënnen. Ganz am Géigendeel.

All Kand huet Fäegkeeten, an d'Schoul muss do sinn fir dës ze entfalen. Wa schonn esou vill iwwert d'Kompetenzen diskutéiert gëtt, da muss och deenen, déi wierklech grondleeënd sinn, méi Wichtegkeet accordéiert ginn.

Duerch d'Reform ass et net méi selbstverständlech, datt e Kand liesen, schreiwen a rechne kann, ier et an de Lycée kënnt. Dëst misst dach, wat d'Grondschoul ugeet, d'Haaptzil si vun all Politiker, deen d'Responsabilitéit vum Educatiounsministère iwwerhëlt. Et muss nees méi Wäert op d'Léiere geluecht an och Zäit genuch dofir reservéiert ginn.

Bei der Reform am Secondaire, déi opgrond vu ville Protester elo op emol op déi laang Bänk gedréckt ginn ass, mussen d'Interessie vun de Schüler am Vierdergrond stoen. Et mussen op d'mannst 5 Sektiounen (Sproochen, Mathé, Naturwëssenschaften, Economie a Finanzen, Konscht a Musek) anstatt zwou „Dominanten" bestoe bleiwen an d'Lëtzebuergescht muss an alle Klassen als obligatorescht Schoulfach agefouert ginn.

D'Schüler musse wuel Freed um Léieren hunn, zu Bierger erzu ginn, mä si mussen dobäi och fit gemeet gi fir den Aarbechtsmaart oder héijer Studien. Och wann e Schüler heiansdo mengt, datt et net ëmmer flott ass fir moies opzestoen a Proffen nozelauschteren, däerf een net vergiessen, datt mer an enger globaliséierter Welt liewen, an där et wichteg ass eppes ze kënnen an ze wësse fir sech duerchzesetzen. Leider ass et zënter laangem esou, datt engem Schüler, deen de Lëtzebuerger Schoulsystem durchleeft, net méi dat néidegt Wësse vermëttelt gëtt. An dat dréit och zum héije Jugendchomage bäi.

Obwuel ganz dacks nëmme vum sougenanntenen "Classique" geschwat gëtt, ass et och wichteg, datt d'Handwierk nees revaloriséiert gëtt. Déi jonk Leit, déi sech fir dee Wee entscheeden, mussen an hirer Demarche ënnerstëtzt ginn, ënner anerem duerch eng besser Beruffsorientéierung oder och bei der Sich no enger Ausbildungsplaz.

Fir d'Problemer, déi an der Educatiounspolitik bestinn, ze léise brauch een Decisiounen an Aktiounen. Et geet net duer, ëmmer déiselwecht „Spezialisten" ze froen, an et brauch ee keng grouss Etuden oder e Bilan ofzewaarde fir ze wëssen, wat bei dëser Reform alles schif leeft.




Ob Grondschoul oder Secondaire, Lëtzebuerg verdéngt Schoulen, déi déi nächst Generatiounen op eng net ëmmer einfach Zukunft virbereeden. Lëtzebuerg verdéngt méi wéi dat, wat d'Regierung unzebidden huet!

*Avec la réforme de l'enseignement fondamental, aussi bien le redoublement que les notes ont été abolis. Ces changements ont eu pour conséquence une baisse du niveau scolaire. Or il est nécessaire que les enfants acquièrent des compétences de base, à savoir la lecture, la lecture et le calcul.*

*En ce qui concerne l'enseignement secondaire, il faut que le système des 5 sections (langues, mathématiques, sciences naturelles, économie et finances, art et musique) soit maintenu et que la langue luxembourgeoise devienne une discipline obligatoire. Les enfants doivent être préparés le mieux possible afin d'affronter soit le marché du travail soit des études supérieures.*

# D'ADRenalin zu Oxford um Freedom Summit 2012 vertrueden




**v.l.n.r. Joëlle Giannotte, Joe Thein, Liliana Miranda, Tim Montgomerie (Member vun der britescher konservativer Partei a Kolumnist bei der *Times*) , Daniel Hannan (Europadeputéierten)**

Vum 21. bis de 24. September war d'ADRenalin um Freedom Summit 2012 vun den European Young Conservatives (EYC) vertrueden.

Ëm déi 100 jonk Leit aus 20 verschiddene Länner sinn zu Oxford zesummekomm, wou se am Kader vu léierräiche Virträg iwwert déi verschidde Facettë vun der europäescher Politik mat diskutéiert hunn. Ënnert de Riedner waren de fréiere britesche Verdeedegungsminister Liam Fox an den Generalsekretär vun der AECR, den Daniel Hannan.

Zënter zwee Joer ass d'ADRenalin Member vun den European Young Conservatives, eng Vereenegung vu verschiddene Jugendparteien, déi virun 19 Joer gegrënnt ginn ass. D'Joëlle Giannotte ass zënter Mee Vize-Presidentin. D'EYC huet hiersäits en enkt Verhältnis zur Allianz vun den Europäesche Konservativen a Reformisten (AECR), an där d'ADR Member ass.

Lëtzebuerg war vertrueden duerch d'Joëlle Giannotte, Presidentin vun der ADRenalin, de Joe Thein, Vize-President vun der ADRenalin a Péitenger Gemengeconseiller, an d'Liliana Miranda, Attachée parlementaire.

*Du 21 au 24 septembre, l'ADRenalin, le mouvement de jeunesse de l'ADR, était représenté au Freedom Summit 2012 organisé par l'EYC (European Young Conservatives). Parmi les orateurs, l'ancien ministre de la Défense britannique Liam Fox ainsi que Daniel Hannan, eurodéputé et secrétaire général de l'Alliance des conservateurs et réformistes européens (AECR). Cela fait deux ans que l'ADRenalin est membre de l'EYC. Joëlle Giannotte est d'ailleurs présidente de l'ADRenalin et vice-présidente de l'EYC.*

----------- ausschneiden an un ADR 20, rue de l'Eau L-1449 Lëtzebuerg schécken -----------

**Gitt Member an der ADR, a frot och Är Familljemembren a Frënn, fir Member ze ginn.**

De Joresbäitrag ass fir eng Persoun 14.-€, fir e Stot 20.-€, a fir Schüler a Studenten 5.-€

*Numm & Virnumm:* ..............................................................

*Adress:* ..............................................................

..............................................................

*Telefon:* ..............................................................

*Email:* ..............................................................

**Collaborer! Questions? Propositions!**

Vous avez des questions ou propositions ou vous voulez vous engager activement dans notre parti? N'hésitez pas et contactez-nous sous le numéro:

**+352 26 20 37 06**

**Matschaffen! Froen? Ureegungen!**

Hutt Dir Froen oder Ureegungen oder wëllt Dir bei ons aktiv matschaffen, da zéckt net a rufft un, ënner der Nummer:

**+352 26 20 37 06**

**de pefferkär**

Verantwortlech fir dëse Pefferkär sinn d'ADR-Fraktioun an ADR-Partei

**Oplag:** 223 000 Stéck

**Adress:**
20, rue de l'Eau
L-1449 Luxembourg

**Redaktioun:**
Liliana Miranda
Alain Kleeblatt
Fernand Kartheiser
Michael Schäfer